

Stroossener Hueflachspatzen 15.4.2024

Mir si momentan zu ronn **65 Sänger:innen fëscht 4 an 15 Joer**, vu Stroossen wéi och vu Bartreng, vu Mamer an aus der Stad.

Loosst mer iech eis Aktivitéiten vun 2023 opzielen:

Kannermusical 2



D'Joer 2023 huet am Januar direkt mat intensive Prouwe fir de Musical gestart. Souwuel mam Theater, deelweis vill bei mir doheem well ech leider nach am congé de maladie war, wéi och mat de Gesangsprouwen iwuer Teams an duerno am Porheem. Merci dem Miga Thill an dem Anouk Frantz, si hunn net just hir Rollen am Musical fantastesch gespillt, mee hir Zesummenaarbecht bei de Prouwen mat eisen Acteure war ganz virbildlech.

De **Schäfferot** huet eise Aarbechtsgrupp, besteeënd aus Memberen vun der Fanfare, dem Dirigent Ben Seil, Vanessa Dondelinger, Martine Lehen, Nicolas Thimmesch, Fränk Wagner a mir, nees hiert Vertraue geschenkt an huet eis zwee KannerEnsembelen finanziell ënnerstëtzt, **villmoools Merci** dofir! Verschidden Eltere vun de Sänger:innen an Memberen aus de Clibb hunn sech och ganz engagéiert gewise fir eis ze hëllefen, och do e grouse Merci!

D'**Mammendagsfeier** war 2023 ganz flott am Parc beim Barblé. Mir hoffen et d'ëst Joer och nees do ze maachen, des Kéier awer mat Hëllef vun engem Tountechniker, eleng kënne mir de Sound net während dem Concert reegelen.



Op der **Remise diplômes UGDA** am Parc de l'indépendance hunn d'Music-Kids an d'Hueflachspatzen de Chèque vun 2500€ un "En Hærz fir Kriibskrank Kanner" iwwerreecht.

D'**Schoulfest** huet leider am Ree statt fonnt, d'Kanner haten zesumme mat der MUSEP gesungen.

Eis lescht Prouf haten mir wéi och schon d'lescht Joer als öffentlech Prouf



2023 hunn d'Hueflachspatzen och déi éischte Kéier konnten Deel un der **Caecilienfeier** huelen. Fir den **30ten Anniversaire** hunn d'Kanner e Concert-Apéro gesungen, d'Eltere konnten dësen Optrëtt lauschteren a kruten en Aperitif vun der Chorale offréiert. D'Kanner kruten als Gebuertsdayskaddo eng BluetoothEnceinte vum Comité geschenkt, merci dofir!



Mam Comité hu mer och zu dëser Geleeënheet eis Gedanken iwwert en neie **Logo** gemaach, dësen ass lo, no Ofsprooch mat den Hueflachspatzen selwer;), fäerdeg designéiert vum Lis Eich.

Merci och dem **Yvette fir den « Hueflachspatz »**, eng Ausgäb zum 30ten Anniversaire vun der Kannerchorale. Et ass e ganz flotte Réckbléck op 10 Joer Kannerchorale ënnert dem Josée Thilmany (1993-2003) mam Marc Schmidt a säit 2003 ënnert mir an Zesummenaarbecht vun 2008 u mam Jeff Schmidt.

Kleeschen am Centre Barblé



Leider war de **Concert an der Résidence Riedgen** ouni Direktioun ausgefall. Merci der Hëllef vun zwou ganz léiwe spontanen Aarbechtskolleeginnen; si hunn dem Jeff an dem Carole Koenig (*Maison Relais*) eng grouss Hëllef geleeest. Merci un d'Martine Bauler an un d'Anne-Marie Schilling.



Mir haten eis fest virgeholl mat de Kanner net méi um **Chrëschtmaart** selwer ze singen, eise grouse Grupp erlaabt dat net méi, mee am Centre Barblé. Dës Iddi ass ganz gutt ukomm, de Sall war méi wéi voll. Mir waren iwwer 100 op der Bün, fir 2024 musse mir eis nach anescht organiséieren, sou dass et fir jiddereen angeneem bleift.



Fir d'éischte Kéier hu mir e **Krëschtconcert an der Kierch** mat der Fanfare gesongen, och hei war d'Kierch strubbelvoll an de Concert war, ouni groussen Opwand am viraus fir eis, ganz flott.



Bravo un d'Kanner, ob Grouss oder Kleng. Mir hu ganz léif engagéiert Sänger:innen, a freeën eis elo schonn op déi nächst Optrëtter.

E **grousse Merci den Elteren**, si weisen sech ëmmer flexibel an engagéiert.

Merci dem Comité fir dee schéine Kaddo, deen mir, de Jeff fir seng 15 Joer als aktive Pianist a ech fir meng 20 Joer als Dirigentin, iwwerreescht kruten. De **Jeff** ass an all de Prouwen derbäi, schreiw eis Arrangementer vun der Chorale mat der MUSEP a begleet eis op all Concert. Merci dofir!

Merci och soss dem Comité fir seng permanent Ënnerstëtzung, d'Emsëtzung vun de Kaddo'e fir Kanner, d'Kreatioun vum neie Logo an och soss all Klengegkeeten, déi ustinn.

Mat vill Freed hoffen ech nach weiderhi laang kënnen mat de Kanner ze sangen!

Merci fir d'Nolauschteren,

De Jeff an ech wënschen iech e ganz gesellegen Owend!

